N°8243
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8243 vum 21. August 2023 vun der Madamm Deputéiert Diane Adehm an vum Här Deputéierten Laurent Mosar.**

Entgéint der Ausso vun den honorablen Deputéierten, si keng "*perséinlech Donnéeë bei der Luxair gehackt ginn*". Wéi et och per Pressecommuniqué vun der Luxair kommunizéiert gouf, handelt et sech ëm ee potentielle Problem mat engem externe Prestataire vun der Fluchgesellschaft. D'Manéier wéi dës Donnéeë vun deem Prestataire stockéiert goufen, huet net den adaptéierte Sécherheets-Standarden entsprach an ee potentielle Zougrëff vu Bausse méiglech gemaach. Eng Analys ass am Laafen fir déi genau Ursaachen an d 'Envergure kënne festzestellen. Luxair huet matgedeelt dass den System séit dem 4. Juli erëm securiseiert as.

Et ass aktuell kee materielle Schued vu Passagéier bekannt, deen duerch dësen Incident soll ervirgeruff gi sinn. Déi betraffe Passagéier kënne sech mat der Luxair a Verbindung setze fir méi Informatiounen ze kréien. Am Fall vu Verdacht ob "Pishing" kann och ëmmer ob d'Initiative "BEE-SECURE" vun der Regierung zeréckgegraff ginn, déi ee sécheren Gebrauch vun den digitalen Technologië promovéiert an och iwwer eng Helpline verfügt.

Doriwwer eraus geréiert d'Regierung net den deeglege Betrib vun der kommerzieller Gesellschaft Luxair S.A. .

Lëtzebuerg, 29. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch